N° 7179
Entrée le 15.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.11.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 719/2022
15 NOV. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 15. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Naturschutzgesetz gesäit am Artikel 41 vir, dat am nationalen Interessi Naturschutzzonen kënnen iwwert e groussherzoglech Reglement ausgewise ginn, nodeems de Staatsrot säin Avis ofginn huet. An deem Fall ginn des Zonen als „utilité publique" erkläert. Am Zesummenhang mat der geplangter Naturschutzzon am Trëntengerdall mat enger immenser Fläch vun 1.700 Hektar koum et an de leschten Deeg zu deels hefteger Kritik, well gefaart gëtt, dat eng Bewirtschaftung vum Agrarland, de Wéngerten an dem Bësch net méi méiglech wier, an esou z.B. d'Wéngerten verschwannen géifen. An deem Kontext wollte mir folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Ass d'Regierung op Grond vun de villen Suergen a Reklamatiounen vun de Bierger an de betraffenen Gemengen bereet, Upassungen bei der geplangter Naturschutzzone virzehuelen, ier d'Reglement an d'Prozedur geet, fir de betraffenen Leit, virun allem awer de Baueren, Wënzer a Gäertner, nach Zukunftsperspektiven ze ginn?
- Sinn déi 1.700 Hektar Deel vun der Fläch, déi am nationaler Naturschutzplang virgesinn ass, fir d'Zil vun 30 Prozent vun der Landesfläch als Schutzzon auszeweisen?
- Riskéieren déi betraffe Leit ënner Ëmstänn enteegent ze ginn, wann d'Zil vun den 30 Prozent net erreecht ginn?

- Wéi enge Reegelen gëtt d'Bewirtschaftung vun de betraffenen klasséierten Flächen an Zukunft ënnerluecht?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Martine Hansen** | **Léon Gloden** | **Octavie Modert** | **Max Hengel** |
| **Deputéiert** | **Deputéierten** | **Deputéiert** | **Deputéierten** |

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7179 vum 15. November 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Madamm Octavie Modert, Här Max Hengel, Här Léon Gloden a Madamm Martine Hansen iwwert "Réserve naturelle "Trentengerdall""**

**1. Ass d'Regierung op Grond vun de villen Suergen a Reklamatiounen vun de Bierger an de betraffenen Gemengen bereet, Upassungen bei der geplangter Naturschutzzone virzehuelen, ier d'Reglement an d'Prozedur geet, fir de betraffenen Leit, virun allem awer de Baueren, Wënzer a Gäertner, nach Zukunftsperspektiven ze ginn?**

An der Äntwert op d'parlementaresch Fro n°6177 vum éirewäerten Députéierten Här Jeff Engelen goufen déi prozedural Ofleef am Detail erklärt. Weider Informatiounen zum Sujet fannen sech an der Äntwert op d'parlementaresch Fro n°6166 vum éirewäerten Députéierten Här Marc Goergen an an der Äntwert op d'Fro n°7177 vum éierewäerten Deputéierten Jeff Engelen.

Den Projet vum Reglement ass nach net an der Enquête publique. Natierlech ginn all d'Suergen an Reklamatiounen vun den Bierger eescht geholl, egal ob se am Virfeld vun dëser Enquête publique formuléiert ginn oder wärend dëser.

Déi Informatiounsversammlungen am Virfeld vun der Enquête publique – déi iwweregens net vum Gesetz virgesi sinn – gi jo ë.a. gemaach fir d'Leit direkt ze ereechen a fir opgrond vun hirem Feedback de Projet gegebenenfalls scho virun der Enquête publique kënnen unzepassen. Wéi et och schon an deene Versammlunge gesot gouf: et geet hei zur Zäit just ëm ee Projet, deen nach kann adaptéiert ginn.

**2. Sinn déi 1.700 Hektar Deel vun der Fläch, déi am nationaler Naturschutzplang virgesinn ass, fir d'Zil vun 30 Prozent vun der Landesfläch als Schutzzon auszeweisen?**

Jo.

**3. Riskéieren déi betraffe Leit änner Ëmstänn enteegent ze ginn, wann d'Zil vun den 30 Prozent net erreecht ginn?**

Nee.

**4. Wéi enge Reegelen gëtt d'Bewirtschaftung vun de betraffenen klasséierten Flächen an Zukunft ënnerlueecht?**

Den Avant-Projet gesäit aktuell fir d'Bewirtschaftung vun de Fläche folgendes vir:

- D'Fiichtbiotope géinge geschützt ginn, andeems d'Installatioun vun neien Drainagen ënnersot wier. Den Entretien vun de bestoenden Drainage géing awer méiglech bleiwen.
- D'Dauergréngland géing geschützt andeems d'Ëmbriechen oder d'Ofsprëtze mat Totalherbizide ënnersot wier.
- De Gebrauch vu Pestiziden, Dünger oder Kallek géing ënnersot ginn am Bësch, op Biotopen a laanscht d'Baachen. Ausgeholl vum der Restriktioun fir d'Düngung wieren awer d'Bongerten, wann dës keng aner Gréngland-Biotopen oder -Habitaten enthalen. Dës Restriktioune géifen awer net fir aner landwirtschaftlech oder wäibaulech Flächen gëllen.

- D'Lafbëscher géinge geschützt andeems dës net dierften a gebittsfriem Nolebëscher ëmgewandelt ginn. All d'Bëscher géinge geschützt ginn andeems d'Gréisste vun de Kahlschlagflächen gedeckelt ginn.

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung